N°1214
Entrée le 15.10.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro n°1214 vum 19. September 2024 vum honorabelen Députéierten Fred Keup zum Sujet "Contrôles aux frontières allemandes"**

**1) Wéi vill Leit goufen am Kader vun den däitsche Grenzkontrollen, souwuel iwwert de Summer wéi aktuell insgesamt un der Lëtzebuergescher Grenz zeréckgewisen?**

Säit der Annonce vun den däitschen Kontrollen goufen 2 Persounen un d'Police Grand-Ducale iwwerginn, dëst no Récksprooch mat der Direction générale de l'Immigratioun vum Inneministère (DGIM). Dës Persoun konnt d'Kommissariat no weiderer Concertatioun mat der DGIM erëm verloossen.

Doriwwer eraus ass Lëtzebuerg net vun den däitschen Autoritéiten a Kenntnis gesat gi wéi vill Persounen si eventuell un der Grenz zréckgewisen hunn. An dësem Kontext applizéieren sech europäesch Prozeduren, déi vun Däitschland mussen agehale ginn. Ech verweisen op d'Äntwert op d'parlamentaresch Fro 1170.

**2) Deelt déi däitsch Police hire Lëtzebuerger Kolleegen d'Identitéit an d'Ursaach fir d'Zréckweisung vun deene betraffene Persoune mat?**

Lëtzebuerg agéiert am Respekt vum legale Kader an ass deemno net zoustänneg fir Drëttstädler déi versichen illegal an Däitschland anzereesen.

An deene Fäll, wou d'Police Kenntnës vun enger Rückführung huet, deelen déi däitsch Kolleegen d'Identitéit an d'Ursprungsland vun der betraffener Persoun matt.

**3) Am Fall, datt eng Persoun iwwert e legalen Openthaltsstatus am Schengeraum verfüügt, gëtt et normalerweis keng rechtlech Grondlag fir dës zeréckzeweisen. Hunn dës Persounen also och zu Lëtzebuerg kee gültege Statut gehat? Kann den Här Minister eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert ënnert wéi engem Statut déi eenzel Leit sech zu Lëtzebuerg opgehalen hunn?**

Dem Inneministère ass kee Fall bekannt an deem eng Persoun déi en Openthaltsrecht am Schengenraum huet, am aktuelle Kontext wärend enger Grenzkontroll mat Däitschland zreckgewise gouf.

**4) Wéi eng Prozedur trëtt op Lëtzebuergescher Säit a Kraaft, wann sech erausstellt, datt eng Persoun, där d'Arees an Däitschland verweigert gouf, sech virdrun och hei am Land illegal opgehalen huet?**

Wann et sech an deem Kontext em eng Persoun handelt déi an Däitschland internationale Schutz ugefrot huet, da muss déi Persoun an enger éischter Phase vun Däitschland opgeholl ginn an analyséiert ginn ob Däitschland oder een anert Land fir déi Ufro zoustänneg ass, esou wéi et an derÄntwert op d'parlamentaresch Fro 1170 erkläert ass. Wann eng Persoun irregulär an Däitschland areese wëll, dëst ouni eng Ufro op internationale Schutz ze stellen, dann erméiglecht den néie Schengen Grenz-Kodex e bilateraalt Ofkommes tëschent zwee Länner ofzeschléisse fir déi Concernéiert am Kader vun enger Police-Kooperatioun erëm zréckzehuelen. Et besteet keen Accord tëschent Lëtzebuerg an Däitschland. Deemno

kenne mir keng esou Persounen zréckhuelen. Op Basis vun der Directive “Retour”, mussen déi däitsch Autoritéiten sech deemno em de Retour vun esou Persounen an hiert Heemechtsland këmmeren.

Lëtzebuerg, den 15. Oktober 2024
Den Inneminister
(s.) Léon GLODEN